N°2906
Entrée le 19.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.09.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Familljeminister weiderzeleeden.

Kanneraarmut zu Lëtzebuerg gëtt et ëmmer méi. Laut enger STATEC-Etüd mam Titel *"Rapport Travail et cohésion sociale 2024"* gëtt drop higewisen, datt den Aarmutsrisiko fir Kanner am Joer 2023 24% erreecht huet.

D'Suerg, datt Kanner, déi an Aarmut liewen, riskéieren obdachlos ze ginn, wiisst a mécht den Experte Suergen. Laut engem Artikel vum Luxemburger Wort, deen den 21.08.2025 publizéiert gouf *("Die Kinder, die es gar nicht geben darf"),* ginn eng Rei Hëllefe vum Staat ugebueden, déi awer net duerginn, fir de Problem ze léisen.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1. Leien dem Här Minister Informatiounen iwwert déi lescht Tendenze vu Kanneraarmut hei zu Lëtzebuerg vir?
2. Wat plangt d'Regierung, fir déi Rei Hëllefen, déi vum Staat ugebuede ginn, ze verbesseren?
3. Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir sécherzestellen, datt kee Kand zu Lëtzebuerg an der Obdachlosegkeet liewe muss?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn an vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°2906 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy iwwer Kanneraarmut.**

- *Leien dem Här Minister Informatiounen iwwer déi lescht Tendenze vu Kanneraarmut hei zu Lëtzebuerg vir?*
- *Wat plangt d'Regierung, fir déi Hëllefen, déi vum Staat ugebuede ginn, ze verbesseren?*
- *Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir sécherzestellen, datt kee Kand zu Lëtzebuerg an der Obdachlosegkeet liewe muss?*

Laut de leschten Donnéeë vum STATEC waren am Joer 2024 18,1 % vun der Bevëlkerung dem Aarmutsrisiko ausgesat. Bei Kanner läit dësen Taux bei 24,1 %.

De Kampf géint d'Aarmut ass eng zentral Prioritéit vun dëser Regierung. Aus deem Grond huet d'Regierung sech am Koalitiounsprogramm dozou engagéiert, den éischten nationalen Aktiounsplang fir d'Preventioun an d'Bekämpfung vun der Aarmut iwwerhaapt auszeschaffen. Dësen Aktiounsplang, deen dem Regierungsrot nach dës Joer virgeluecht gëtt, wäert et erméiglechen, d'Politiken a Mesurë géint Aarmut op nationalem Niveau besser ze koordinéieren, Synergien tëscht den zoustännege Verwaltungen ze stäerken an zilgeriicht Initiativen, och am Beräich vun der Kanneraarmut, ëmzesetzen.

Nieft der Aféierung vun neie cibléierte finanziellen Hëllefen fir vulnerabel Menagen stellt d'Verbesserung vun de bestoenden Hëllefe eng vun den Haaptprioritéite duer. Sou ass net just virgesinn, de Montant vu verschiddenen Aiden ze erhéijen, mee och d'Accessibilitéit an d'Effizienz vun den Aidë ze verbesseren. An deem Sënn läit e wichtege Schwéierpunkt op der Vereinfachung vun de Prozeduren, fir sécherzestellen, datt all Bierger déi Hëllef kritt, op déi en Usproch huet.

An deem Kader ass och de „Guichet social unique" ze erwänen, deen en zentraalt Element an dësem Kontext duerstellt. Dëse besteet aus 4 Pilieren: An enger éischter Phase wäert eng Online-Plattform an d'Liewe geruff ginn, wou d'Leit sech iwwer déi verschidden Hëllefen kënnen informéieren, déi et zu Lëtzebuerg ginn, an unhand vun engem Simulateur kënnen iwwerpréifen op wéi eng Aide si Urecht kéinten hunn. An enger zweeter Phase wäert och e physesche Guichet kreéiert ginn, wou d'Leit sur place vu Sozialaarbechter souwuel Informatioune kënne kréien, ewéi och eng Hëllefsstellung bei den Demarchen. Nieft dem physesche Guichet, gëtt och eng Helpline an d'Liewe geruff wou d'Persounen uruffe kënne wann si Froen zu de bestoenden Hëllefen hunn. Schlussendlech gëtt och eng équipe mobile geschaf, déi op diverse Plazen uechtert d'Land kann intervenéieren.

Mat dëser Mesure wëll d'Regierung d'sozial Hëllefe méi transparent, méi einfach accessibel a méi no bei d'Leit bréngen, fir esou d'Aarmut effikass a geziilt ze bekämpfen.

Am Kader vu senge Kompetenze setzt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) eng Rei vu Mesuren ëm, déi drop ausgeriicht sinn, sozial a schoulesch Ongläichheeten am Zesummenhang mat Aarmut ze reduzéieren an all Situatioun ze verhënneren, déi zu Ausgrenzung oder souguer zu Obdachlosegkeet vu Kanner a Jugendleche féiere kéint.

- D'Subvention pour ménages à faible revenu: dës järlech finanziell Hëllef gëtt de Schüler am Secondaire zougestane, wann se aus Stéit mat nidderegem Akommes kommen. Si deckt d'Käschte fir Schoulmaterial a parascolairen Aktivitéiten, a berechtegt automatesch fir e gratis Mëttegiessen an de Schoulkantinnen. Ausserdeem kënnen d'Schüler vu Reduktiounen an de Programmer vun informateschem Material *one2one* oder *myDevice* profitéieren.

  Fir d'Effizienz ze verbesseren, schafft de MENJE un enger Vereinfachung an Digitaliséierung vun de Prozeduren, wéi och un enger Zentraliséierung vun den Informatiounen.

- D'Subvention du maintien scolaire: dëst Hëllef soll garantéieren, datt Jugendlecher, déi sech wéinst engem familiäre Broch ouni materiellen oder finanziellen Ënnerhalt erëmfannen, hir Schoul kënnen ouni Ënnerbriechung weiderféieren. D'Zil ass et, Schoulofbréch ze verhënneren an Obdachlosegkeet bei jonke Mënschen ze vermeiden.

- De Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS): an all ëffentleche Lycée vertrueden, bitt de SePAS en Encadrement de proximité duerch multidisziplinär Ekippen un. Dës assuréiere gratis a vertraulech Consultatiounen a spillen eng zentral Roll an der Präventioun, andeems si Schüler mat perséinleche, familiären oder soziale Problemer ënnerstëtzen a gläichzäiteg eng enk Zesummenaarbecht mat de Famillje pflegen. D'Präsenz vum SePAS am Alldag erlaabt et, fréi a proaktiv anzewierken, gefäerdet Situatioune séier ze erkennen an ugepasste Léisungen unzebidden.

- Wat déi non-formal Bildung betrefft, sou sief drop higewisen, datt eng Etude vum LISER (Bousselin, 2009) den Impakt vum Dispositif Chèque-Service Accueil (CSA) op d'Reduzéierung vun der Kannerarmut beliicht a weist, datt de CSA de Risiko fir Kanner reduzéiert fir an Aarmut ze geroden. Dëst weist de positiven Impakt vum System op d'Reduktioun vun Ongläichheeten. Eng Reform vum CSA wäert zu weidere finanziellen Entlaaschtunge vun de Famillje féieren. Am Kader vum Budgetsgesetz 2026 ass eng Propose fir eng éischt Erhéijung vum Tarif CSA virgesinn. Weider Pisten betreffend d'Reform vum CSA sinn nach am gaangen ausgeschafft ze ginn an wäerten an e Gesetzesprojet afléissen deen nach an dësem Kalennerjoer deposéiert wäert ginn. Et sief drun erënnert, datt iwwert de CSA d'Elteren a Funktioun vum Akommes vun hierem Stoot an a Funktioun vun der Familjesituatioun Accès op eng sozial gestaffelt

finanziell Entlaaschtung, wat d'Käschten vun de Betreiungsstonnen ugeet, hunn. Dëst suergt dofir, datt all Kand den Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger Betreiung an zu der non-formaler Bildung vereinfacht gëtt. Domadder dréit de Staat zu enger verbesserter Chancëgläichheet bäi.

- Fir Chancëgläichheet beim Zougang zum méisproochegen Erzéiungsprogramm ze garantéieren, hu Kanner am Alter vun 1 bis 4 Joer, déi an enger Bildungs- a Betreiungsstruktur ugemellt sinn, déi dem CSA ugeschloss sinn, wärend 46 Wochen am Joer Usproch op 20 gratis Betreiungsstonnen

- Zanter der Rentrée 2022-2023 gouf eng partiell Gratuitéit vun der Betreiung an den Molzechte vun de Schoulkanner wärend de Schoulperiode agefouert an dat onofhängeg vum Akommes vum Stot, an deem d'Kand lieft. Dës Gratuitéit applizéiert sech wärend de Schoulwochen vun 7:00-19:00 Auer. Doriwwer eraus applizéieren sech weiderhin déi sozial gestaffelt Tarifer vum Barème vum CSA a suergt wärend der Vakanzenzäit fir eng staark finanziell Entlaaschtung vun den Elteren. Ze erwänen ass an dësem Kontext, datt Familljen mat engem schwaache Revenu och wärend de Vakanzenwochen Recht op gratis Betreiungsstonnen hunn. Wärend de Woche vun der Schoulvakanz kënnen och Stéit mat engem Akommes vu manner ewéi zweemol dem sozialen Mindestloun vun dëse gratis Molzechte fir hir Kanner profitéieren. Fir d'Molzechte vu Kanner aus Stéit mat engem méi héijen Akommes, gëllt de Barème vum CSA.

All dës Moossnamen ënnersträichen de politesche Wëlle, fir d'Chancengläichheet fir all Kand ze garantéieren an d'Kanneraarmut konsequent ze bekämpfen, am Aklang mat de Verflichtungen, déi Lëtzebuerg am Kader vun der *European Child Guarantee* agaangen ass.

Et sief nach ënnerstrach, datt d'*Péitrusshaus* e Krisendengschtservice ass deen eng Noutënnerbrengung vir Mannerjäreger tëschent 12 an 18 Joer ubitt an esou verhënnert, datt Jonker déi hiert Doheem verlooss hunn, keen Ënnerdaach fannen. Mam Accord vun den Elteren kann de Mannerjäregen eng kuerz Zäit an der Struktur verbréngen mam Zil d'Kris ze berouegen, ee Clearing vun der Situatioun ze maachen a gemeinsam Léisungswéer ze fannen.

Wat d'Obdachlosegkeet ugeet, huet d'Regierung decidéiert, dëse Sujet net am nationalen Aktiounsplang géint Aarmut ze behandelen, mee an enger eegener Strategie unzegoen. Dëst, well d'Obdachloosegkeet e komplexe Phenomen ass, dee spezifesch a gezielte Moossname verlaangt. Parallel dozou gëtt natierlech weider aktiv u Léisunge geschafft, fir Mënschen ouni festen Dach direkt z'ënnerstëtzen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn